ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2022

Kopie:

Un den Här President vun der Jugendkommissioun
Un den Här President vun der Justizkommissioun
Un d'Madamm Presidentin vun der Kommissioun fir Bannenzeg Sécherheet

Här President,

heimadder freet de parlamentaresche Grupp vun der ADR eng gemeinsam Sëtzung vun der Jugendkommissioun, vun der Justizkommissioun a vun der Kommissioun fir Bannenzeg Sécherheet un, fir iwwert déi rezent kriminell Virfäll am Zesummenhank mat der Täterband, déi sech selwer "17", „1Block7" bzw. "17 Antisistema" nennt, an iwwer Jugendkriminalitéit allgemeng ze beroden.

De parlamentaresche Grupp vun der ADR ass déif besuergt iwwer d'Entwécklung vun der Kriminalitéit vu Jonken (Mord un engem Jonken zu Bouneweeg, Gewalt vu Mannerjärege géintiwwer Polizisten a Giischtercher a ganz rezent déi Zeen am Aterter Lycée, wou ee Jonke vun zwee anere brutal geschloe gouf an dat Ganzt och nach gefilmt gouf).

Fir iwwer dës Virfäll an déi allgemeng Entwécklunge bei der Jugendkriminalitéit ze schwätzen, ass d'Presenz vun den Häre Jugendminister a Minister fir Bannenzeg Sécherheet a vun der Madamm Justizminister bei dëser gemeinsamer Kommissiounssëtzung onerlässlech.

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

Fernand Kartheiser, Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique **20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg**

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique **20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg**